Music News

Sabrina Gérard: Net méi bei The Voice Of Germany

© screenshot TVOG

D'Lëtzebuergerin Sabrina Gérard war an de Blind Auditions vun The Voice Of Germany duerch säin aussergewéinlechen Oper-Gesang opgefall.

Gëschter Owend stoung dann den obligatoresche Battle um Programm. Zesumme mat senger Battle-Partnerin Sarah Trumpfheller huet et mat „Angels" vu Within Temptation de ganze Sall vun de Still gerappt. Allebéid krute vill Luef vun de Coaches an de Rea Garvey behaapt souguer, dass dat ee vun de beschte Battle gewiescht wier, déi jeemools bei The Voice of Germany performt gi wieren.

Trotzdem verléiert d'Sabrina de Battle an ass soumat net méi bei The Voice of Germany dobäi.